ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/12/2025

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 9 Dezember 2025

Presenzen

Present	Net present
PINTO Toni WETZEL Mike WIRTZ Sandra JENTGES Nicole VOSSMAN-KIEFER Diane CINCIS Patrick DOEMER Patrick BAUS Ben WOLTER Charles KINNEN Sandrine	MEYER Louis (entschëllegt)

Punkt 1: Memberen

An der Kulturkommissioun gouf et personell Wiessel. De **Charles Wolter** ersetzt d'**Corinne Reding-Scharle**, an d'**Sandrine Kinnen** iwwerhëlt de Poste vun der **Michelle Leroy**. Déi nei Memberen hunn sech der Kommissioun virgestallt.

Punkt 2: Nominatioun vun da Vize-Präsidentin

No dem Austrëtt vun der **Michelle Leroy** aus der Kulturkommissioun gëtt d'**Diane Vossman-Kiefer** als nei **Vize-Presidentin** nominéiert an iwwerhëlt dëse Poste.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/12/2025

Punkt 3: Divers

Filmowend - *Operatioun Pauly*

De Ben huet erkläert, datt den éischten Datum fir de Filmowend spontan entstanen ass an onglécklecherweis ob den Datum vun engem anerem Kulturellen Evenement gefall ass. Kulturkommissioun begréisst dass e neien Datum konnt fonnt ginn an de Filmowend stattfënnt. D'Kommissioun hätt gär bei der Organisatioun matgewierkt an ënnerstëtzt, a mécht drop opmierksam, datt an Zukunft bei der Festleeë vun den Datumer drop opgepasst soll ginn, Iwwerschneidunge mat anere kulturellen Evenementer ze vermeiden.

Don-Iwwerreechung

D'Kulturkommissioun wäert de **7. Januar um 17:00 Auer** de Don aus dem Benefice vum Kabaret „Lëtz Druddel" dem **MS Day Center „Um Bill"** iwwerreechen.

De **Schäfferot** ass häerzlech op dës Don-Iwwerreechung invitéiert.

Nächst Versammlung

Déi nächst Versammlung vun der Kulturkommissioun soll am Januar stattfannen, mam Zil, e Stand Up Comedy Owend ze plangen. E konkreten Datum muss nach fonnt ginn.